

Marienland

Zäitschrëft fir d'Membere vun der Kathoulescher Fraenaktioun

02₂₀₂₄



- Joresthema 2024: Fridden!
Interview mam Debutéierte Paul Galles
- Rückblick Weltgebetstag 2024
- Interview mit Christine Bußhardt zum Synodalen Prozess
- Christliche Werte – Hinwendung zu den Schwächeren
- Umwelt geht uns alle an – Tipps zur Verwendung von Abfallprodukten, die beim Kochen anfallen!
- Solidaritätsaktioun 2023-2025 – „Mat Ärer Hëllef Pëtze fir Madagaskar bauen!“

Opgepasst: D'wichtig Matdeelungen aus der Zentral liesen!

Chères lectrices et chers lecteurs, chers membres,

Je m'appelle **Liliane** et je suis une nouvelle collaboratrice au team Marienland. L'équipe de rédaction m'a demandé de me présenter et d'écrire cet éditorial.

Cette année je fêterai mes 60 ans, je suis mariée, j'ai 2 enfants et 4 petits-enfants. Je suis infirmière de formation, mais j'ai toujours travaillé comme catéchète à Belair. Dès ma formation comme enseignante de religion, je me suis engagée pour les cours de religion et pour ses enseignants. Ainsi j'ai vécu les changements dans notre société qui ont abouti à la suppression du cours de religion à l'école au Luxembourg. J'ai continué mon engagement en organisant la catéchèse en paroisse, ce qui reste jusqu'à présent un grand défi. Au moment de ma retraite mon engagement bénévole en catéchèse a continué, tout comme les activités avec les familles dans la paroisse Notre-Dame. La transmission de la Bonne Nouvelle de Jésus et de nos valeurs chrétiennes pour les enfants, le travail avec les parents me procurent beaucoup de joie. La communion, la compassion et la paix entre les hommes me tiennent à cœur, cette paix qui manque à tant de femmes, d'enfants et d'hommes dans notre monde. J'adore aussi m'occuper de la décoration florale de l'église de Belair. J'essaye d'intégrer la symbolique des sacrements et des fêtes dans mes arrangements. Le travail avec les fleurs et les plantes devient pour moi un moment de prière et de méditation.

La Pentecôte célèbre la venue du Saint-Esprit. L'Esprit-Saint et la paix, ces magnifiques dons de Dieu, sont pour moi aussi une mission: transmettre ce merveilleux présent de Dieu par notre engagement à nos frères et sœurs qui vivent autour de nous ou que nous rencontrons sur notre chemin de vie. Ma communauté paroissiale chrétienne me fascine également et me procure un grand plaisir: j'admire

l'engagement dévoué des chrétiennes et chrétiens partout dans notre pays pour les gens en marge de notre société à Luxembourg ou dans nos pays partenaires en développement. Les nombreuses fêtes de bazar en faveur d'œuvres de bienfaisance sont pour moi les meilleurs exemples de la présence de l'Esprit-Saint et un premier pas vers la paix.

La force du Saint-Esprit m'accompagne aussi dans mon engagement en République Centrafricaine, un des pays les plus pauvres au monde. J'ai eu la chance d'y être déléguée par la communauté paroissiale de Belair, je suis certaine que Dieu était à l'œuvre lors de cette mission. Depuis plus de dix ans mon mari et moi, nous y vivons une formidable expérience d'un travail communautaire avec différentes langues et cultures, même si ce travail s'avère parfois difficile.

Depuis cette année je suis aussi présidente de la Commission diocésaine « Fra an der Kierch ». Jusqu'à présent, je m'occupais surtout de la page web et des médias sociaux. Consciente que la communication devient de plus en plus importante dans notre société. On ne peut nier les effets négatifs de cette tendance mais, développer des conversations et créer des interactions, n'est-ce pas ce que nous découvrons à la Pentecôte? **Au sein de la commission le thème des chances égales pour les femmes reste primordial tant en notre Eglise que dans la société.** J'admire le courage et la force de tant de femmes et d'hommes dans leur engagement contre l'injustice et pour la paix. Dans cet ordre d'idées je vous présente dans l'édition de ce journal un livre qui me tient à cœur. Je vous souhaite le plaisir éventuel de découvrir ce livre et d'y puiser des idées à réaliser.

Liliane Loos-Magar

Léif Lieserinnen a Lieser, léif Memberen,



Ech sinn d'Liliane an nei am Team Marienland. Duerfir gouf ech gefrot de Leitartikel ze schreiwen a mech e bësse virzestellen.

Ech feieren dëst Joer meng 60 Joer, si bestuet, hunn 2 Kanner a 4 Enkelkanner. Ech war laang haaptamtlech Katechetin zu Belair an hu mech ëmmer fir d'Reliounsenseignant'en agesat, an domat och fir de Reliounsunterricht an der Schoul. Ech hunn och esou d'gesellschaftlech Ännerungen an d'Ofschafe vun dem Reliounscours an der Schoul an d'Afféierunge vun der Katechees an der Por mat erlieft. Elo an der Pensioun engagéieren ech mech nach als Benevole am Katé a bei den Aktivitéite fir d'Familljen an der Por Notre-Dame. D'Aarbecht mat den Elteren an de Kanner mécht mer ëmmer nach vill Spaass. Et ass eng Freed di gutt Noricht vu Jesus weider ze erzielen an eis chrëschtlech Wäerter weider ze ginn. Heibäi läit mer ëmmer d'Gemeinschaft vun de Mënschen an de Fridde mat eise Matmënschen um Häerz. Fridden, deen de Mënschen op esou ville Plazen op eiser Äerd feelt. Ech maachen och mat Freed d'Blummendekoratioun an der Belairer Kierch. Ech probéieren d'Symbolik vun de Sakramenter an de Fester an der Deko ze verschaffen. Fir mech ass dat Schaffe mat de Blummen a Planze wéi e Moment vu Meditatioun a Gebiet.

Op Päschte feiere mir, dass Gott eis den Hellege Geescht geschéckt huet. De Geescht an de Fridde vu Gott geschenkt, si fir mech net nëmmen e Geschenk, mee och en Opdrag: mir sollen dëst Geschenk duerch eisen Asaz weider ginn un all Mënschen déi mat eis liewen, schaffen oder eis begéinen. Vill Freed erliewen ech a menger Gemeinschaft an der Por. Ech bewonneren den Engagement op sou ville Plazen an eise Land vun de Chrëschten, fir Mënschen um Rand vun der Gesellschaft. Déi onzieleg Bazaren a Fester,

wou Mënschen zu Gonschte vun hire Matmënsche schaffen, si fir mech di beschte Beispiller vum Hellege Geescht an eng éischt Etapp zum Fridden tëschent de Mënschen.

D'Kraaft vu Gott hëlleft mer och bei mengem Engagement an der Zentralafrikanescher Republik, deem drëttäermste Land vun der Welt. Ech sinn duerch meng Gemeinschaft an der Por dohi geschéckt ginn, mee ech gleewen, dass Gott hanner deem Opdrag stoung a mech mat mengem Mann dohi geschéckt huet. Säit méi wéi 10 Joer hu mir entdeckt, dass ënnerschiddlech Sproochen a Kulturen eis net drun hënneren zesummen ze schaffen a viles zesummen ze erliewen, och wann et net ëmmer einfach ass a viles schif ka goen.

Säit dësem Joer sinn ech och Presidentin vun der Kommissioun „Fra an der Kierch“, wou ech mech bis elo haaptsächlech ëm d'Internetsäit a Socialmedia gekëmmert hunn. Méi wéi jee muss haut alles kommunizéiert ginn. Elo kann een nëmmen dat Negatiivt dovun gesinn, mee kommunizéieren a sech verstoen, ass dat net dat wat mer Päschte feieren? **An der Kommissioun läit mer awer och d'Gerechtigkeit fir d'Fraen an eiser Kierch an och an der Gesellschaft op der ganzer Welt um Häerz.** Ech bewonneren d'Stärkt an de Mutt vun de Fraen an hiren Asaz géint Ongerechtigkeit, Aarmut a fir de Fridden. Duerfir stellen ech och an dëser Nummer e Buch zu deem Thema vir. Ech wënschen iech all vill Freed an Impulser beim eventuelle Liesen.

Liliane Loos-Magar

Interview mam Deputéierte Paul G

Merci Paul, dass Du trotz denger Hellewull Aarbecht mat eis iwwert de Fridde wëlls schwätzen. Mir kennen Dech als engagéierte Chrëscht an als grondéierlechen Deputéierten. Du hues am *public-forum* 2022 an de Rotonden zum Thema ‚*Fridden a Friddensbeweegungen*‘ matgeschwat: Du gouf nach nëmme vum Krich an der Ukrain geschwat; an der Tëschenzäit ass de Krich am Gaza derbäi komm, d’Oppositoun tëscht Iran an Israel (ouni vun deene sëllege Kricher uechter d’Welt, vun deene mir net esou vill matkréien, ze schwätzen).

Wat verstees Du ënnert ‚Fridden‘?

De bibleschen an de politesche Fridde sinn 2 ënnerschiddlech, mee komplementar Konzepter. Biblesch gesinn ass de Fridden eppes mënschlech „Holistesches“, eppes Ganzheetlech, eppes wat de ganze Mënsch betrëfft. „Shalom“, „Fridde mat iech!“, dat ass dem Jesus säi Grouss als Operstanenen. Et huet eppes vun Erfëllung, Ze-friddenheet, Gesondheet, Gléck. Et ass net datselwecht wéi Perfektioun, mee et ass ee Versöhnsinn mat sech an der Welt. Eng déif Freed, eng ënnerlech Stärkt, Hoffnung a Léift. Et ass u sech dat, wat een all Mënsch an all Vollek vun Häerze wënscht.

Déi politesch Dimensioun vum Fridden ass ee ganz wichtege Deel vun deem „holistesche“ Fridden. Et geet ëm Sécherheet, dat diplomatescht Gespréich, d’Vermeidung vum Krich. Et ass d’Bedéngung, fir iwwerhaupt d’Méiglechkeet ze hunn, sech z’entfalten.

Wou politesche Fridden ass, ass de ganzheetleche Fridde vill méi einfach. Mee et ginn och Mënschen, déi een ënnere Fridden hunn, während ronderëm d’Stierm blösen an déi politesch Situatioun ganz onfriddlech ass.

Wat häls Du vun der Iwwerzeegung, dass nëmme Diktaturen e Krich ufänken, eng Demokratie net?

Dat ass richteg. Mee wat ass eng Demokratie? Eng Demokratie erkennt een net eleng u funktionéierenden Institutiounen. Demokratie ass ee Wäert a kënnt vu bannen. Demokratie gëtt all Dag gelieft a gebaut, z.B. duerch Participatioun vun de Mënschen, duerch Respekt vun der Identitéits- a Meenungsvillfalt, duerch d’Bescheidenheet vun de politesche Responsabelen. Et ginn awer leider eng Rei Demokratien, déi lues a lues eent oder e puer vun deesen Elementer a Fro stellen. Da kënne souguer an enger Demokratie diktatoresch Aspekter optauchen.

Dat ass dann sou eppes wéi een indirekte „Krich“ géint d’Wärter vun der Demokratie, an dat mécht och méi bereet fir ee Krich géint een Noper. Wat méi ondemokratesch, wat méi bereet zum Krich.

Wéi eng Haltung verteidegs Du als Politiker am Fall vun engem Krich: Partei huelen, neutral bleiwen, Sanktiounen matdroen, Waffe liwweren?

Voir, juger, agir!

Voir bedeit: d’Situatioun an d’Hannergreñn verstoen, fir dass een net Fake News ausgelievert ass.

Juger heescht: Partei huelen, sech positionéieren.

Agir ka bedeiten: als éischt wa méiglech diplomatesch Beméiungen, fir ee Krich ze verhënneren; dann awer och Sanktiounen, wann néideg Waffeliwwerungen. Ee Krich ass eng Liewensbedrohung fir vill Mënschen. Do kann een sech net a moralescher Kasuistik verléieren, mee et muss gehandelt ginn. Dat héchste Gutt, wat muss verteidegt ginn, ass d’Liewen an d’Souveränitéit vun den Ugegraffenen.

De Katchësem vun der kathoulescher Kierch kennt dofir d’Konzept vum gerechte Krich, wann et ee Verdeedungskrich ass.

Bei deene Kricher geet et op Konfrontatioun aus, de Géigner Meeschter ginn, méi staark sinn, a schlussendlech Haass séien, deen iwwert d’Generatiounen eraus wiest. Wéi gesäis Du, dass een deen Däiwelskrees kënnt duerchbriechen?

Et geet als éischt ëm dat legitimt Recht op Fridden a Fräiheet! Mee et ass leider wouer: d’Wonne sinn oft sou déif, dass se während ville Generatiounen d’Atmosphär vergëften.

Géint deen Däiwelskrees gëtt et och eng biblesch Approche an eng politesch. Biblesch gëtt Haass duerch souveräant Verzeien a selbstbewusst Léift duerchbrach. De Jesus huet et virgemaach, mee et huet am Doud geendegt. Et ass immens, immens schwéier, eis „Feinden“ zwar kloer ze konfrontéieren, mee u sech ze „lieben“, well och si Kanner Gottes sinn. Dat kann d’Liewe kaschten. Dofir ass déi Haltung keng politesch Approche, well Politik verteidegt d’Recht vun all Mënsch op Liewen a Fräiheet.

alles zu eisem Joresthema Fridden



Op politescher Säit brauch et Helden, fir den Haass ze duerchbriechen. Ee gutt Beispill si fir mech de Rabin an den Arafat. Si waren sech op Camp David u sech eens fir ee Fridden am Noen Osten. De Rabin huet dat mam Liewe bezuelt. An deem Moment hätt et een Nofolger gebraucht, dee säi Wierk „trotzdeem“ weider féiert, an deen d’Stëmmung am Land gedréint kritt. Politesch Helden si Mënsche vum „trotzdeem“.

Mee et sinn net eleng déi responsabel Politiker, déi eppes bewierke kënnen. Wann d’Bevëlkerungen op deenen 2 Säiten es genuch hu mam Sträit an endlech Fridde wëllen, kann dat alles veränneren an den Haass duerchbriechen.

Du has deemools am public-forum gesot, Du geséichs 4 Méiglechkeete wéi dee Krich an der Ukrain géif ophalen: 1. Russland gewënnt, 2. d’Ukrain gewënnt, 3. de Krich endegt an der totaler Erschëpfung (= passive Wee) a 4. de proaktive Wee zum Fridden iwwert Verhandlungen, den diplomatesche Wee.

Wéi denks Du haut dodriwwer: wéi kënt an der Ukrain zu engem Fridde kommen? Wéi kënt et a Gaza zu engem Fridde kommen?

Ech hat deemools reng rational déi 4 theoretisch Méiglechkeeten opgezielt. Praktesch gëtt et fir mech just ee Wee: d’Ukrain muss gewinnen! An dat bedeit jo mol net, dass se eppes vu Russland eruewert, mee ganz einfach just, dass se dat behält a verdeedegt, wat hiert ass, inklusiv der Krim.

Dat geet just iwwert ee Wee: Russland hält de Krich op! Entweder well se sech geschloe ginn, oder well se erschöpft sinn, oder well d’Sanktiounen d’Land lämen. Et dierf net sinn, dass Russland ee Virdeel dovun huet, dass et d’Ukrain iwwerfällt!

Ech verstinn, dass de Poopst an anerer sech wënschen, dass elo direkt verhandelt gëtt, fir dass kee méi stierwe muss! Mee dat geschitt just, wa Russland kee méi ëmbréngé wëll. An dat ass am Moment leider net de Fall.

Am Noen Osten si mer an enger méi komplexer Situatioun. Et gëtt keen Iwwerfallskrich vun engem Land op een anert, mee et gëtt d’Weigerung vu bestëmmte Gruppen, fir eng Cohabitatioun, also eng Zweek-Staate-Léisung z’erméiglechen. Op der enger Säit sinn et d’ Hamas an d’Hisbollah ënnert iraneschem Afloss, op där aner Säit sinn et radikalisiert Siidler an Ultraorthodoxer mat enger zionistescher Visioun. Dat eent sinn Terroristen, dat anert Radikaler. Et gëtt just ee Wee eraus: op deenen 2

Saiten, bei den Israeli an de Palästinenser, muss den Drock op hir Regierungen sou staark sinn, dass se sech géint déi radikal Gruppen duerchsetzen. Soulaang d'Hamis méi staark ass wéi d'Regierung vun der Autonomiebehörd, diktéiert si den Narrativ bei de Leit. Deen niert sech aus engem sozialen Ongerechtegkeetsgefill. Ech hu selwer gesinn, wéi staark vill Palästinenser vun den israeleschen Autoritéite schikanéiert ginn. A soulaang déi israelesch Regierung sech ënnert Drock setze léisst vu radikale Stréimungen a vu Revendicatioune vu Siidler, kommen se net weider. An och hei hunn ech déi ganz grouss Suerg vun Israel materlieft vis-à-vis vun terroristesche Gruppe wéi der Hamas, an ech verstinn total, dass se sech verteidege mussen.

Wat brauch et am Noen Osten?

Bevëlkerungen, déi sozial ënnerstëtzt ginn an net an Aarmut ënnerginn; Gesellschaften, déi sech géigesäiteg respektéieren a sech vläicht souguer op hir gemeinsam reliéis abrahamitesch Wuerzele besënnen.

Politiker, déi Fridde wellen a sech net vu Radikalen ënnert Drock setze loossen.

Vill international Ënnerstëtzung a politeschen Drock.

Eng kloer politesch Definitioun vun der Zweek-Staate-Léisung.

Een Opschaffe vun der Geschicht vu Verletzungen an eng proaktiv Friddensinitiativ, fir ee Schrëtt nom anere virun ze goen a sech och net vun ‚Störfeuer‘ ofbréngen ze loossen.

Wär et net wichteg, dass déi Verhandlungen net nëmmen e Gespréich téschent Männer ass, ma dass och Fraen derbäi sinn, Fraen deenen d'Meeschersinn, d'Gewannen, d'Méistaarksinn manner wichteg ass wéi Famillieleed a Mënschschicksaler?

Dat ass richtig. Déi sougenannte feministesch Aussepolitik bréngt grad dëst Element vu Friddensstëftung duerch Fraen an d'Spill. Ech wéilt awer och Männer déi Fäegkeet net ganz wellen ofschwätzen.

Muss do net jiddereen – och mir als selbstséchere Westen, Waasser a säi Wäin schëdden an eis opmaache fir aner Usiichten, z.B. eng Sécherheitsarchitektur wou Russland mat abezu gëtt, oder Palästinenser als eegestänneg Vollek unzegesinn, dat och seng Dosinnsberechtigung huet...?

Jo an Neen. Jo bei Palästina! Eng Zweek-Staate-Léisung muss gerecht a liefbar si fir Israel a Palästina.

Nee beim Putin-Russland! Jo awer bei engem Russland, dat sech vu bannen hir botzt a seng Perestroika endlech duerchzitt. Ee Russland, wat net vun engem verkappten Diktator regéiert gëtt, mee vun engem demokratesch gewielte Representant. Ee Russland, deem seng immens räich Kultur an dat schéint Land rëm ee Partner ginn. Ee Russland, dat respektéiert gëtt an net als verluere Sowjetunion behandelt gëtt. Da muss et natierlech Deel sinn vun enger gemeinsamer Sécherheitsarchitektur.

Et spiert ee sech esou hëlleflos an där ganzer Krich- a Friddens-Diskussioun. Wat gëtt Dir d'Kraaft fir weider ze schaffen a weider ze hoffen?

Et sinn 2 Saachen:

Éischtens ass weiderhin net alles verluer, a jiddweree vun eis kann zu senger Zäit op senger Plaz säi Bescht ginn, fir ëmmer nach de Wunsch no Fridden oprecht ze erhalen.

An zweetens hat ech am Liewen immens vill Chance. Meng Grousselteren hunn de Krich duerchgemaach a si gestärkt als gutt a positiv Mënschen eraus komm. Meng Eltere sinn am Krich gebuer an hu gehollef, eis haut eng staark Situatioun a Gesellschaft opzebauen. Ech si Fridde gewinnt gewiescht an hunn Energie, fir mech weiderhin derfir anzesetzen. Wéi kéint ech dat net versichen?

Wat géifs Du eise Lieserinnen a Lieser roden ze maache fir hire Wunsch no Fridden aus dem Beräich vun der Utopie an dem Dreemen eraus ze kréien?

Éischtens: Upaken. Wou kann ech hëlfe? Weem kann ech Courage maachen? Wat fir enger Organisatioun kann ech bäistoen?

Zweetens: bei eis Fridde liewen. Mat engem anere Mënsch, dee mer net geet, gerecht ëmzegoen, ass mega haart. Mee et ass ee kleng wichteg Schrëtt vu Fridden!

Den Interview gouf vum Maggy Dockendorf gefouert.



Häerzlech Invitatioun

BENEFICECONCERT FIR D'ACFL-Memberen

Gospels and other songs
mat der Chorale „ChorBunt“

Wéini: **Samschdes, 29. Juni 2024 ëm 17 Auer**

Wou: **Sall Maria Rheinsheim, Centre Convict, Gebäi A,
5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 Lëtzebuerg**

Nom Concert: **Agape**

Mir froe keng Entrée, Dir sidd fräi ze gi wat Der wëllt.

Aus organisatoresche Grënn wär et awer besser wann Dir lech géift umellen, an dat virum 25. Juni, dat kënnt Dir maache per Telefon 44 74 33 45 oder E-Mail: tausch@acfl.lu

ChorBunt entstand 2006 aus der Zusammenarbeit von Jugendlichen aus der Jungen Kantorei Schmelz und dem Kinder- und Jugendchor Lebach und besteht mittlerweile aus 55 Sängerinnen und Sängern. Unter der Leitung von Gabi und Jürgen Fröhlich widmet sich der Chor besonderen Werken verschiedenster Stilrichtungen und vermittelt unbändige Freude und Lebenslust.

**... Loosst lech iwerraschen
a kommt zu ganz vill
mat ärer Famill an äre Frënn.**

Mir freeën eis!

Mit allen Sinnen genießen
Sich nicht um Nichtigkeiten
den Kopf zerbrechen,
sondern den Tag
mit allen Sinnen genießen:
dem Leben beim Essen
Geschmack abgewinnen,
beim Schauen Farbe und Licht
in sich aufnehmen,
sich von klangvollen Melodien
beschwingen lassen,
angenehmen Duft in sich aufsaugen,
damit er noch eine Weile
im Körper nachwirken kann
und sich etwas suchen,
das zu berühren oder
zu streicheln sich lohnt.

© Christa Spilling-Nöker

Ein Rückblick zum Weltgebetstag am 1. März

Rund um den Erdball, 24 Stunden lang beteten Frauen in mehr als 140 Ländern der Welt miteinander nach der gleichen Liturgievorlage! Über Konfessions- und Ländergrenzen hinweg engagieren sich christliche Frauen in der Bewegung des Weltgebetstags seit fast 100 Jahren. Gemeinsam beten und handeln sie dafür, dass Frauen und Mädchen überall auf der Welt in Frieden, Gerechtigkeit und Würde leben können. Der Weltgebetstag ist und bleibt die größte Basisbewegung christlicher Frauen!

Die offiziellen Gottesdienste in Luxemburg fanden im Centre Polyvalent (Clervaux), in der katholischen Kirche Sainte-Madeleine (Lamadelaine), im Martin-Luther-Haus (Luxembourg-Belair) und in der Kirche Saints-Pierre-et-Paul (Beckerich) statt.



Das Thema, das Land und das Autorinnenkomitee für die Liturgie werden bereits viele Jahre im Voraus ausgewählt und sind Bestandteil einer durchdachten und langfristigen Planung, die unabhängig von aktuellen Ereignissen erfolgt.

Dieses Jahr bot sich die Chance, **sich über die Situation in Palästina zu informieren und mit christlichen Palästinenserinnen zusammen zu beten.** Das Gebet ist ein Zeichen der Hoffnung in Palästina, wo Gewalt und Verzweiflung kein Ende finden. Im Gazastreifen sind die nach Rafah vertriebenen Menschen Bombardierungen schutzlos ausgesetzt. Laut einer Statistik der UNO wurden bereits über 34.000, vor allem Frauen und Kinder, getötet und über 80.000 verletzt. In Westjordanland und Ostje-



rusalem vertreiben israelische Siedler und die Armee die einheimische palästinensische Bevölkerung. Die palästinensischen Frauen haben mit dem fürchterlichen Angriff auf Israel am 7. Oktober 2023 mit über 1.200 Todesopfern nichts zu tun. Ihre Lebensrealität hat sich seitdem in existenzieller Weise verschlechtert.

Die Bitten um Gerechtigkeit, Frieden und die weltweite Einhaltung der Menschenrechte waren die Themen des Gottesdienstes, den Christinnen aus Palästina vorbereitet hatten. Die Geschichten der drei Frauen (Eleonor, Lina und Sara) in der Gottesdienstordnung gaben einen Einblick in Leben, Leiden und Hoffnungen in den besetzten Gebieten. Sie sind Hoffungskeime, die deutlich machen, wie Menschen aus ihrem Glauben

des Friedens erträgt einander in Liebe.“



heraus Kraft gewinnen, sich für Frieden zu engagieren. Ihre Erzählungen waren eingebettet in Lieder und Texte, die den Wunsch nach Frieden und Gerechtigkeit und vor allem die Hoffnung darauf, dass der Frieden zurückkehren möge, ausdrückten.

Dies sollen auch die Worte der Ermutigung am Ende des Gottesdienstes ausdrücken:

*Wir ermutigen einander, für den Frieden zu arbeiten,
indem wir allen Frauen beistehen.*

*Wir wollen besonders die Frauen stärken,
die Unterdrückung, Gewalt oder Diskriminierung erfahren.
Wir ermutigen einander auf allen Ebenen der Gesellschaft,
auch in unseren Kirchen, treue Fürsprecherinnen
für Frieden und Gerechtigkeit zu sein.*

Die Kollekte des ACFL-Gottesdienstes hat **2.650 Euro** erbracht und soll die Arbeit von zwei Projekten unterstützen, die sich für Frauen und Kinder einsetzen: **Das Projekt Caritas Baby Hospital (CBH)**. CBH ist das einzige Kinderkrankenhaus im Westjordanland. Das Spital ist seit 1963 mit der Schweizer NGO Children's Relief Bethlehem mit Hauptsitz in Luzern, Schweiz, verbunden. Jährlich werden im CBH rund 50 000 palästinensische Kinder vom Säuglingsalter bis zum Alter von 18 Jahren behandelt. **Das Projekt Lifegate Beit Jala** hilft Kindern

und jungen Menschen mit unterschiedlichen Behinderungen im Heiligen Land (Israel und den palästinensischen Gebieten) sowie in Jordanien, Irak und Ägypten. Vor allem soll Menschen mit Behinderungen und deren Familien zu einem gesunden Selbstwertgefühl verholfen werden. Und sie sollen motiviert werden an individuell zugeschnittenen Förderprogrammen teilzunehmen.



Ein **herzliches Dankeschön und vergelt's Gott an alle SpenderInnen** – auch aus den anderen Gottesdiensten – und an diejenigen, die direkt auf das ACFL-Weltgebetstagskonto **CCPL, LU36 1111 1501 7519 0000** überwiesen haben!

Auch nochmals **Danke allen Mitwirkenden**, besonders den Mitgliedern des Kirchenchores von Clervaux, ihrer Leiterin Frau Bessener-Thelen und Frau Weis-De Jong am Keyboard, und den Mitgliedern aus den Sektionen Clervaux, Heinerscheid und Gemeng Wäiswampech für den herzlichen Empfang nach dem Gottesdienst. Ebenso Dankeschön der Gemeng Clärréf, die uns den Saal kostenlos zur Verfügung gestellt hat.

Annette Tausch

ACFL-Intern

Fraen a Mammen Helling-Fréiseng

Wéi all Joers hunn „d'Hellenger Fraen a Mammen“ ufanks Dezember 2023 op hier traditionell „Kaffisstuff“ invitéiert. Bei flotter Musek vum Xavier Girsch, konnt zu Helling an der Hal e schéinen Nomëtte verbruecht ginn. Och de Kleeschen huet et sech net entgoe gelooss, bei deem

gesellege Mëtten derbäi ze sinn. „D'Hellenger Fraen a Mammen“ sinn houfreg duerch den Erléis vun der „Kaffisstuff“ 4.000 € un d'Associatioun „Médecins du Monde“ kënnen ze spenden.



Fraen a Mammen Leideleng

Den 30. Januar 2024 hunn d'Fraen a Mamme vu Leideleng hir Generalversammlung ofgehal.

No der Begréissung duerch d'Presidentin Andrée Sunnen-Klein ass den Tätigkeetsbericht virgeluecht ginn. D'Joer 2023 war ganz erfollegräich. Grousse Succès hat de Kannerfuesbal vum 5. Februar 2023. D'Fréijoersfest vum 19. Mäerz war och ganz gutt besicht. De Boni vun dem Dag ass a Form vun engem Scheck vun 3.000 € u Médecins sans Frontières gaang als Hëllef fir d'Äerdbiewenaffer an der Türkei an a Syrien. Och konnte si op hirem Chrëschtmaart vum 26.11.2023 e gudden Bénéfice maachen esou dass si d'Joer 2023 positiv ofgeschloss hunn.

Ueschléissend un d'Generalversammlung hu si e Scheck vun 5.000 € un d'Fondatioun EME iwwerreicht. D'Vertriederin vun der Fondatioun huet hinnen un Hand vu Biller a Videoen hir Aarbechten an hir Projete virgestallt. D'Solidaritätsaktioun vun der ACFL gouf och net vergiess. Si krut 500 € iwwerwisen. Den Owend huet mat engem Kéisbuffet ofgeschloss.

Eng Killcamionette fir d'Stroossenenglen



Den 23. Mäerz konnt d'ACFL de Schlëssel vun der Killcamionette un d'Stroossenenglen iwwerrechen.

Dës Camionette gouf dringend gebraucht fir deene Leit, déi net genuch Suen hu fir sech all Dag mat Liewesmëttel ze versueren, ze hëllefen. D'ACFL wëll mat dësem Don en Zeeche setzen géint Aarmut zu Lëtzebuerg an do Hëllef gi wou se dringend gebraucht gëtt.

D'Stroossenenglen hunn de Motto „Mir reechen d'Hand“ a soe vu sech: „Mir si Fräiwëlleger aus verschidde Berufssparten, déi sech zum Ziel gesat hunn eng ASBL ze grënnen, fir déi Léit, déi op der Strooss liewen, ze verfleegen, wéi och mat hinnen ze kucke fir si an déi virgesinne Strukturen, déi de Staat geschaaft huet, ze kréien.

Mir sinn awer och do fir aarm Léit, déi net esou gutt am Liewe stinn, wéi och fir eleng erzéiend Mammen a Pappen. D'Stroossenenglen kucke fir jidderengem ze hëllefen, deen Hëllef brauch an dee sech hëllef wëllt loosse.“



Mat hirem mobile Service deele si lessen, Gedréns a Kleeder aus. Kontakt a weider Infoen: Tel. 691 308 000.

Fraen a Mammen Yolande, Veinen rächen d'Hand

„Aarm Leit an Obdachloser sinn och Mënsche mat Gefiller, déi ee Recht hunn op e mëschewierdigt Liewen an äiser Gesellschaft...“ stät om Internet Site vuan der asbl Stroossenenglen.

Et brouch heitzudaags net méi vill, fir an Oormout ze verfallen udder alles ze verléieren: Iwwerdriwwen hi Loyeren, Krankhät, Chômage, Verlost vuam Partner, Allänerzéiend... et gëtt unendlich Grënn fir op der Strooss ze landen udder déi zwee Eener um Een vuam Moont net méi béiennän ze kreien. Dausende vua Geschichten, dausende vua Schicksaler.



Di Veiner Fraen a Mammen rächen d'Hand. Mam Erlis vuam Verkaf vua wochelaang gebastelte Chrëstarrangementer, Home-made Kéichelcher, gebitzte Poschen... konnt op der Adventsfeier e Scheck vua 4.000 € uan

de Luc Lauer vuan der asbl Stroossenenglen iwwerrächt gän.

Domatter sollt dären Äermsten an de Leit, déi op der Strooss musse wuanen, passend zu Chrësdag, e bësse Liicht a Wäermt an den tristen Alldag broocht gän.

Fraen a Mammen Yolande, Vianden

Bei gemütlichem Zusammensein, blickte die „Fraen a Mammen Sektoun Yolanda“, in Anwesenheit von rund 50 Mitgliedern, auf ein ereignisreiches Jahr 2023 zurück.

Im Mittelpunkt des Rückblicks stand der 70. Geburtstag des Vereins der, zusammen mit Weihbischof Leo Wagener als Ehrengast, gefeiert wurde. Hervorgehoben wurde auch die Blumendekoration, sowohl in der Trinitarierkirche als in der Bildchenskapelle, die seit Jahrzehnten von der ACFL Vianden ausgerichtet und finanziert wird. Eine Tatsache, die Bürgermeister Francy Weyrich aufgriff, um sich bei den Damen der ACFL Vianden herzlich zu bedanken für diese finanzielle Entlastung der mittellosen Viandener Kirchenfabrik. Im Unterschied zu Vianden, die auf das Ehrenamt zurückgreifen muss, **können die reichen ?? Kirchenfabriken der Pfarrei es** sich leisten sämtliche Sachleistungen großzügig zu vergüten.

Im Hinblick auf die Bildchenskapelle, die nach dem Einbruch im Herbst und der dabei beschädigten Muttergottes ein tristes Dasein fristet, hat sich eine vor kurzem gegründete Gesellschaft ohne Gewinnzweck zum Ziel gesetzt, Spendengelder zu sammeln um die Renovierung des neugotischen Kleinods, nach jahrelangen Debatten und Studien, endlich voranzutreiben.

Nachdem der Erlös des Palmsonntag-Bazars (4.000 €) der Vereinigung ASA (Finanzierung von Assistenzhunden) zu Gute kam, wurde der Erlös des Weihnachtsmarktes mit derselben Summe an die Vereinigung „Strossenengelen“ gespendet. Neben diesen Spenden unterstützte der Verein finanziell und aktiv eine, vom Krieg geflohene, ukrainische Künstlerin mit der Ausrichtung einer Bilder Ausstellung im „Ale Kino“.

Als Ausgleich für Mitglieder, denen die alle zwei Jahre stattfindende einwöchige Flugreise zu strapaziös ist, fand ein angenehmer Tag auf der Marie-Astrid statt.

Mit Bedauern wurde zur Kenntnis genommen, dass die seit Jahrzehnten, zur Viandener Tradition gehörende Fronleichnamsprozession und das damit verbundene Verlegen des Blument Teppichs den Kommunalwahlen zum Opfer fiel. Die Muttergottes-Prozessionen während der Bildchenswoche fanden zwar wie gewohnt statt, jedoch mit immer weniger TeilnehmerInnen, sodass sich die Frage einer Neugestaltung dringend stellt.



Jede Vorstandszeit geht irgendwann zu Ende: Der Meinung war auch die langjährige Kassiererin Lotty Kanivé. Nachdem sie mehr als 30 Jahre lang die Kasse verwaltete, trat sie die Amtsgeschäfte an Carole Leonardy ab, bleibt dem Verein jedoch als Mitglied erhalten. Nach den aufmunternden Worten von Nationalpräsidentin Jij Linster schloss der Abend mit „Ham, Fritten an Zalot“ ab.



Fraen a Mammen Réimech

Bei Geleeënheet vun der Generalversammlung sinn Done vun am ganze 5.600 € verdeelt ginn: 2.000 € fir d'Renovatioun vun de Kierchefënsteren, jeeveils 1.000 € fir Blëtz ASBL a Stëmm vun der Strooss, 700 € fir d'Blummekees fir d'Kierch, 600 € fir d'Liewensmëttelpäck an 300 € fir d'ACFL.

Bei flotter Ambiance, engem gudde Patt an engem klenge Snack ass d'Generalversammlung ofgeschloss ginn.

E grouse Merci fir d'Done fir d'ACFL:

(all Don ab 25 Euro gëtt ernimmt)

- 350 €** Don anonyme
- 185 €** Abbé Roger Geimer, Abbé Théophile Walin
- 100 €** Mme Irène Daleiden-Eyschen (Steesel), Mme Marie-Thérèse Fuchs-Hannen (Esch/Uelzecht), Mme Marie-Jeanne Leonard (Lëtzebuerg)
- 85 €** Don anonyme, Mme Denise Biltgen-Jacqué (Esch/Uelzecht), M. Jos Dammé (Déifferdeng), Pater Jean-Jacques Flammang, Mme Marie Marx-Meyers (Garnech), Mme Yvonne Meyers-Hansen (Stengefort), Mme Henriette Muller-Dell (Nidderkäerjéng), Mme Marie-Paule Ruppert-Mehlen (Nidderdonven), Mme Marie-Thérèse Thein-Mack (Nidderpallen), Mme Alice Theisen-Rasqué (Lëtzebuerg), Mme Marie Thibo-Jauchen (Jonglënster), Mme Ketty Wio-Kohl (Hueschtert), Mme Charlotte Weber-Mertzig (Kanech)
- 65 €** Mme Mady Fetler (Lëtzebuerg)
- 50 €** Don anonyme, Mme Milly Hellers (Lëtzebuerg), Mme Emilie Krantz-Sybertz (Déifferdeng), Mme Albertine Lenz-Krettels (Munnerëf), Mme Margot Michels-Esch (Wëlwerwolz), Mme Agnes Origer-Maillet (Zolwer), Mme Margaretha Willems-Van Cann (Keelen)
- 45 €** Mme Liette Konter-Urwald (Gréiwemacher), Mme Léonie Schintgen-Faltz (Waldbëlleg)
- 35 €** Mme Danielle Ademes (Lëtzebuerg), Mme Antoinetta d'Amelio (Schiren), Mme Odette Backes-Tonnar (Keespelt), Mme Margot Bauster-Michels (Péiteng), Mme Isabelle Bergem (Weiler zum Tur), Mme Mady Bichel-Olinger (Bourglënster), Mme Elsy Bonifas-Sales (Nouspelt), Mme Maisy Bornhofen-Demuth (Gréiweldéng), Mme Apollonia Braun-Kohl (Girst), Mme Lydia Buso (Uewerkuer), Mme Mathilde Comes-Hoffelt (Mamer), Mme Detampel-Baum (Lëtzebuerg), Melle Marie-Andrée Enders (Lëtzebuerg), Mme Eliane Ferron-Hansen (Hesper), Mme Mathilde Fischbach-Habscheid (Äischer), Mme Cécile Forette-Braun (Itzeg), Mme Marie-Josée Frank (Rued-Sir), Mme Marianne Freimann-Steichen (Roudemer), Mme Jacqueline Galles-Simon (Lëtzebuerg), Mme Marie-France Geschwind-Gloden (Gréiwemacher), Mme Françoise Gillen-Risse (Esch/Uelzecht), Mme Alphonsine Goerens-Hawa (Dikrech), Mme Margot Groff-Kaysen (Weiler zum Tur), M. Armand Haler-Hoeltgen (Hoën), Mme Marie-Louise Herschbach (Miedernach), Mme Josée Jacquemart-Weiland (Lëtzebuerg), Mme Edmée Kaiser-Niederkorn (Cap), Mme Yvonne Kiefer (Esch/Uelzecht), Mme Céline Kieffer-Kraus (Mamer), Mme Maisy Kieffer (Diddeleng), Mme Odile Kisch-Peller (Keespelt), Mme Elly Klein-Steinel (Nidderkäerjéng), Mme Paulette Krier (Nidderkäerjéng), Mme Vicky Kuth-Gries (Lëtzebuerg), Mme Josette Lepage-Speck (Nouspelt), Mme Jij Linster-Besch (Lëtzebuerg), Mme Marie Lipperts-Schmitz (Knaphouschend), Mme Erika Lisarelli-Duschinger (Réiden), Mme Marie Anne Meyers (Hesper), Mme Octavie Modert (Grieweldéng), Mme Blanche Moutrier (Lëtzebuerg), Mme Jeanne Nizet-Heuschling (Zolwer), Rev. Soeurs Congregation Notre Dame Ste. Sophie (Lëtzebuerg), Mme Alix Orban-Sales (Kënzeg), Mme Agnes Rausch (Houwald), Melle Marianne Schmit (Waarken), Mme Micheline Schmid-Hoffmann (Lëtzebuerg), Mme Renée Schmit (Lëtzebuerg), Mme Marguerite Schmit-Stirn (Cap), Mme Marie-Louise Schneider-Kihn (Lëtzebuerg), Mme Adrienne Seywert-Hosch (Houwald), Mme Maisy Steffen (Lëtzebuerg), Melle Thérèse Stoltz (Esch/Uelzecht), Mme Charlotte Thiel-Gaffinet (Rued-Sir), Mme Lucie Trierweiler-Kayser (Jonglënster), Mme Jeannette Weisgerber-Chilin (Esch/Uelzecht), Mme Maria Weiss-Hoffmann (Hënsdrëf), Mme Nicole Welfringer-Laures (Lëtzebuerg), Mme Andrée Wies-Kirschten (an der Fiëls), Mme Marie-Anne Wilhelm-Fandel (Jonglënster), Mme Erika Wormeringer-Henter (Lëtzebuerg), Mme Antoinette Zenners-Huss (Wentréng)
- 25 €** Mme Fernande Bormann-Kayser (Uewerfelen), Mme Di Tullo-Mores (Alzéng), M. Michel Schaack (Krautem), Mme Nelly Vaessen-Houwen (Amber)
- 35 €** Sektouon Lux.-Notre Dame, **40 €** Sektouon Brouch, **45 €** Sektouon Emerange, **300 €** Sektouon Réimech, **500 €** Sektouon Léideleng
- 2.275 €** Done vun eenzelne Memberen, déi si mam Bezuele vun der Memberskaart gemaach hunn andeems si 5, 10, 15 oder 20 Euro zousätzlech bezuelt hunn

Donen Januar bis Abrëll 2024 insgesamt: 8.045 €

Konto: CCPLLULL, IBAN LU29 1111 0030 7871 0000

Fraen a Mammen vu Fëschbech-Angelsbiërg-Schous

De ganze Wanter duerch hu fläisseg Hänn sech dru gi fir eemol d'Woch déi verschiddensten Handaarbechten ze realiséieren. De 17.3.2024 war et dunn Zäit un der Kaffisstifftchen, wou ganz vill Leit koumen,

fir eng flott Aarbecht, gebutt oder gebak, ze kafen.

Den 19.3.2024 konnt de Veräin während der Generalversammlung den Erléis vun 3.000 € un d'Madame

Diederich vun der ALA iwwerreechen. D'Madame Diederich huet doropshin an engem interessante Virtrag erkläert, wéi dat Geld lo agesat gëtt, an huet och de Veräin invitéiert, eemol op Ierpeldeng op Besuch ze komme fir sech vum Liewen a Schaffen op der Plaz kënnen ze iwwerzeegen.

Weider Aktivitéiten si fir de Mee an am September geplangt. Während et am Mee op en Ausflug geet, gëtt am September den 30-järege Jubiläum vum Veräin gefeiert.



D'Fraen a Mammen vu Miersch hunn no 73 Joer opgehalen

Am Numm vum Comité huet d'Presidentin Madame Marguy Lanners-Dondelinger d'Invitéen a Memberen op hirer Generalversammlung am Februar eng leschte Kéier begréisst. Duerno ass si op den Historik vum Veräin agaang. Zënter dem Grënnungsjoer 1951 an ënnert der Leedung vu verschiddene Presidentinne goufen an deenen 73 Joer mat vill Asaz, Aarbecht an Zesummeschaffe Bazaren organiséiert, et gouf gebitzt, um Chrëschtmaart deelgeholl a sou weider. Sou konnten d'Fraen a Mammen déi stolz Zomm vun ëmmerhin 124.112 € fir sozial Wierker hei am Land an an der drëtter Welt spenden. Et goufen awer och Aktivitéiten organiséiert fir e puer flott Stonne mateneen ze verbréngen. Um reliése Plang war de Veräin aktiv mat enger järelecher Oktavmass an e puer Adventsfeieren.

An hirer Ried huet d'Madame Lanners alle Memberen, der Gemeng, Frënn a Sponsore fir hir manuell, materiell a



finanziell Ënnerstëtzung an all deene Jore merci gesot. Uschléissend gouf an enger ausseruerdentlecher Versammlung de Veräin eestëmmeg – aus Altersgrënn – opgeléist.

De Reschtbetrag vun der Kees ass un d'Kierchefabrik Miersch gespent ginn. Den Här Paschtouer Felix Steichen an e Verrieder vun der Gemeng sinn op dat onermiddlecht Engagement vun de Fraen a Mammen agaangen an hunn hinne Luef an Unerkennung fir

di geleeschten Aarbecht am Numm vun der Kierch an der Gemeng ausgesprach.

D'Generalsekretariat vun der ACFL huet sech bereet erkläert, d'Gestioun a Verschëcke vun de Memberskaarte weiderhin ze iwwerhuelen.

Wann d'Fraen a Mammen och opgehalen hunn, geet et ënnert enger anerer Form duerch d'Aktiv Frae Miersch (anc. Jeunes Mamans) weider. Hinne vill Erfolleg gewënscht!

Praktesch Sozialaktioun fir 2024

Opruff vun der ACFL Stoff ze sammle fir Häerzkësse fir broschtooperéiert Fraen ze bitzen



Fir de Kampf géint de Kriibs ophuelen ze kënnen, mussen di meescht Fraen operéiert ginn an hunn duerno vill Wéi. Duerfir huet eng Infirmière d'Häerzkëssen no engem Prototyp aus Amerika entwéckelt. Et gëtt 2 Servicer hei am Land, déi Häerzkësse bitzen déi mir wëlle mat eisem Opruff ënnerstëtzen: Eng Equipe vum Club Senior Kielen, déi fir Europa Donna Lëtzebuerg bitzt an de Service de Psychiatrie am CHEM.

Et si bestëmmt Leit, déi Stoff doheem leien hunn dee si net méi brauchen. Fir ee Kësse brauch ee 40x80 cm Stoff, 100% Kotteng, a frëndleche Faarwen a Musteren, Patchworkstoff oder einfach.

WICHTEG: De Stoff soll gewäsch a gestreckt sinn! Ausser en ass nach nei an nach op enger Rull.

Dir kënnt de Stoff am Büro vun der ACFL méindes bis freides vun 8 bis 16 Auer ofginn oder mir kommen de Stoff bei iech sichen. Rufft an eisem Büro u w.e.g.: 44 74 33 45, mir koordinéieren dann d'Ofhuelen.

D'Fëllung fir ee Kësse kascht 1,50€: Wann Dir dat ënnerstëtze wëllt, kënnt Dir en Don op eise Kont (CCPLLULL, LU29 1111 0030 7871 0000) maache mat der Mentioun ‚Don Häerzkëssen‘; mir leeden dann d'Suen un déi 2 Servicer virun.

Mir ënnerstëtzen awer och weiderhin d'Sozialequipe Bouneweg. Dir kënnt ëmmer nach Decken, Strëmp an Hygiènesartikel bei eis ofginn.



D'ACFL ënnerstëtzen iwver de Projet bei der Fondation Sainte-Irmine

D'kathoulesch Kierch huet eis d'Méiglechkeet offréiert fir e Projet bei der Fondation Sainte-Irmine ze lancéiere fir d'pastoral Aarbecht vun der ACFL ze ënnerstëtzen.

De Projet ass zënter November 2020 online. All Infoen zum Projet fannt Dir ënner: <https://irmine.lu/lu/st-irmine-project/projet-acfl/>

D'ACFL – als onofhängege Mouvement – kritt kee Subsid vum Staat. Eis eenzeg finanziell Ressource sinn d'Membersbeitrëg a d'Done vun eenzelne Memberen.

Zu engem Moment, zu deem iwverall am Land d'Zuel vun den Éirenamtlechen, déi eng Cotisatioun bezuelen, erofgeet an d'Reserve vun der ACFL méi kleng ginn, mussen nei finanziell Quellen erschloss ginn:

Andeems datt Dir duerch e punktuellen Don oder en Ordre permanent zu Gonschte vum Projet ACFL bei der Fondation Sainte-Irmine maacht, kënnt Dir hëllef, datt d'ACFL hir Aktivitéiten och an Zukunft ubidde kann. All Donen un d'Fondation Sainte-Irmine si vun der Akommessteuer ofsetzbar no de gesetzleche Bestëmmungen.

Don un d'Fondation Sainte-Irmine mat der Mentioun:

SOUTIEN AU MOUVEMENT DE L'ACFL

**CCPLLULL: LU64 1111 7017 0305 0000 – BILLULL: LU42 0027 5100 4006 0800
BCEELULL: LU53 0019 4055 0036 1000**



ACFL-Solidaritätsaktioun



Brunnen in Ambaro.



Mat Ärer Hëllef
Pëtze fir Madagaskar bauen!



Die Schreinerei im Haus Sankt Josef.



Wjeden Tag werden
Brötchen für die ganze
Umgebung im Haus Josef
gebacken.



Die Frauen und Mütter um das Haus Sankt Josef
am Weltgebetstag der Frauen 2024.

Zum Wasserprojekt gehören auch die Baumschule, das Frauenhaus Sankt Josef, die Schreinerei...

Schon viel Geld konnte für die Hilfsprojekte in Madagaskar gesammelt werden, und wir danken der ACFL ganz herzlich für die warmherzige Unterstützung durch die Solidaritätsaktioun 2023–2025.



Verteilung des Schulmaterials an die Kinder.



Neue Bänke und Tische für die
Schulen.



Baumschule, Frauen finden hier Arbeit
in Talata Ampano.

Im Juli wird Frère Joseph nach Madagaskar reisen, um sich über die Arbeiten an Ort und Stelle zu erkundigen, die er dank der guten Internetverbindungen von Luxemburg aus verfolgen konnte. Auf dem Programm der Madagaskar-Reise steht die **Ausbesserung und Erweiterung des Wasser-auffangbeckens in Vangay**. Schon länger ist diese Arbeit geplant, denn hier könnte Regenwasser aufgefangen oder

Wasser aus den Brunnen hingebbracht werden, wäre die stark beschädigte Zisterne ausgebessert. Das soll nun mit Hilfe der Spendengelder erfolgen, wenn Frère Joseph die dazu benötigten Fachleute vor Ort ausfindig gemacht hat.

Auch ein **Besuch in Ambaro** steht auf dem Programm. Die großen Arbeiten am Brunnen hier sind bereits fertiggestellt, aber ein weiterer Ausbau soll das Schöpfen und das

2023–2025



Wasserbehälter in Vangay.

Verteilen des Wassers erleichtern. Im Juli wird sich auch die Gelegenheit ergeben, mit den geplanten Brunnen **in Ankilimafaitse** zu beginnen.

In **Talata Ampano**, wo die Vereinigung „Ami – des Pauvres“ junge Mütter und mittellose Witwen in einem **Frauenhaus** aufnimmt, sind schon zwei Brunnen fertiggestellt. Das zur Verfügung gestellte Wasser wird nicht nur für den Haushalt genutzt, sondern auch für das Projekt der Wiederaufforstung im Sinne von „Laudato si“. Hier arbeiten Frauen in einer Baumschule, deren Pflanzen verkauft werden, um ganze Gegenden, in denen die Dürre fast alles Leben zerstört hat, neu aufzuforsten. Diese Arbeit ist auch eine willkommene finanzielle Unterstützung für die Frauen.

Marie Claudette, die Leiterin des Projektes, ist auch damit betraut worden, **das Haus Saint Joseph** weiter auszubauen. Frère Joseph hatte schon damit begonnen einen Bücherladen für die Schüler und Schülerinnen einzurichten, damit sie einfacher und billiger an das Schulmaterial gelangen, das für den Unterricht gebraucht wird.

